ifen

INSTITUT DE FORMATION
DE L'ÉDUCATION NATIONALE

IFEN Inspire Podcast

S3 EP 02: reportage (LU)

eduPôle – Walferdange
Route de Diekirch
L-7220 Walferdange
www.ifen.lu

Oli Frisch:
Fänke mer zu Miersch un. Als éischt gi mer op d'Direktioun 12 bei d'Claudine Rosch an d'Lucie Peter, déi eis eppes iwwert hirem Ludik erzielen. Duerno kucke mer beim Pit Weber laanscht, deen eis vu senger Erfarung um Terrain erzielt. An zum Schluss vun der Reportage kucke mer beim Aline Wiltzius laanscht, wat eis erzielt, wéi Spiller geziilt agesat ginn bei Kanner mat spezifesche Besoinen.

Madamm Rosch, wéi ass et dann zum Ludik komm?

Claudine Rosch:
Plus ou moins virun zéng Joer hunn ech ugefaang, am Accueil ze schaffen an dunn hunn ech do eng ganz nei Aart a Weis ugefaang. Ech hu just nach spilleresch geschafft. Also ech hunn iwwerhaapt keng Bicher méi benotzt a wierklech just ludesch Didaktik ugewant. An sou ass dee LUDIK ganz lues entstanen; am Ufank just Material fir den Accueil ausprobéiert a getest. Da sinn nei Leit an den Accueil schaffe komm. Dann hunn déi ëmmer no Material gefrot: "Wat soll ech do benotzen? Wou kréien ech dat ze kafen?". An iergendwann war d'Direktioun d'accord, fir mol eng ganz schéi Spillersammlung opzestellen, an dat war eigentlech den Ufank vum LUDIK.

Oli Frisch:
Wat ass dann eng Ludothéik a wat ass d'Zil dovunner?

Claudine Rosch:
Also d'Haaptmissioun gesinn ech, fir einfach eng aner Approche zum Léieren ze fannen. 't ass wierklech spilleresch Léieren, mee 't ass fir all Kand ze erreechen, also all Schüler, och déi, déi vläicht méi Léierschwieregkeeten hunn oder net su vill Loscht. An d'grousst Zil ass, fir ewech vun deene ville Fichen ze kommen.

Lucie Peter:
't ass am Fong eng Bibliothéik, déi Spiller ubitt, fir datt d'Kanner oder d'Kand visuell an och eppes am Grapp huet, net nëmmen eppes schreift an dann heemgeet, mee och datt et duerch Upaken, duerch Emotiounen, duerch vläicht nach eppes, net sou am Spill hikréien, Frustratiounstoleranz, léieren. Jo, 't ass am Fong spillerescht léieren.

Oli Frisch:
Wat sinn dann an Ären Aen d'Virdeeler vum spillerescht Léieren?

Lucie Peter:
Schonn als ganz klengt Kand spillen se mat oder... huelen se iergendeppes an dann ameséieren se sech domadder an ech denken, datt dat Spillen am Kand draläit an datt een dat soll och an der Schoul, am Schoulalldag vill méi förderen, fi... un de Kompetenzen un der Matière ze schaffen.

Claudine Rosch:
Jo, d'Spillen ass ganz wichteg an, wat intressant ass wat vill Leit vläicht net sou gesinn, dass een duerch d'Spill wierklech all eenzel Schüler kann erreechen, all Kand, ob se lo ganz gutt sinn oder éischter méi schwaach, Problemer hu, keng Problemer, schei oder net schei. Duerch d'Spillen erreecht een iergendwann all Kand. An 't mierkt een och, wann ee mat hinne spillt, dann iergendwann verléieren se hir Angscht. Si denke guer net mi drun, dat se vläicht virdrunner net geschwat hunn.

Lucie Peter:
All Kand fënnt am Spill seng Plaz, och wa se am Ufank net fonnt huet, wann et méi schei un di Saach ugaange ass, mee all Kand fënnt dono awer Zougang zum Spill.

Oli Frisch:
Wéi eng Kompetenzen kënnen dann duerch d'Spille gefërdert ginn?

Claudine Rosch:
D'Compréhension orale an d'Production orale, déi egal wéi duerch d'Spille gefërdert ginn, wa mer bei de Sprooche leien. Mir kënnen awer och Spiller asetzen, wou d'éischt just ëm d'Production orale geet, di een awer herno och eriwwer an d'Production écrite kann huelen.

Lucie Peter:
Ech denken och, dass een d'Compétences transversales ka förderen. Ë,do konkret Beispill, "parler devant autrui": ech denken, datt dat jo och eng Saach ass, virun engem ze schwätzen an am Spill kënnt dat jo einfach sou. 't schwätzt een einfach virun engem, obwuel een dat guer net opgefall ass, dass ee virun engem geschwat huet. A Mathé... an der Mathé ass et sou wi d'Claudine scho gesot huet, also do kann een och vill Kompetenzen förderen, andeems een 't einfach nëmmen de Kanner visuell dohinnerleet, awer och datt se et upaken, net nëmme visuell, mee och dat se et kënnen upaken, datt se d'Zifferen kënnen upaken, datt se d'Rechnunge kënne leeën an net nëmmen schreiwen. Ech denken, dass dat wichteg ass.

Claudine Rosch:
Och nach zu den Transversalen, dat ass jo d'Spillen, ass jo och Respekt ee vis-à-vis vun deem aneren, een ausschwätze loossen, ofwaarden, Gedold hunn a ganz vill aner Saache gi gefërdert duerch d'Spillen, wou een sech vläicht net bewosst ass, an dat alles nieft den schoulesche Kompetenzen.

Pit Weber:
Wann ech lo vum Klasseklima schwätze, wat fir en Impakt di Spiller op dat Klasseklima hunn, kann ech an sech just soe: bei mir huet dat ee ganz groussen Impakt, well, 't muss een sech virstellen, di Kanner sinn nei am Land, si kommen deelweis aus schwieregen Ëmgéigenden. Si hunn et net einfach a si fillen sech ganz dacks aleng an der Schoul. Si hunn Angscht virun der Schoul an ech menge, wann een an d'Schoul kënnt an et huet een Angscht an et huet ee kee Spaass un der Schoul, ass dat fir mech ëmmer den éischte Wee fir en Echec an der Schoul. Dat heescht, andeems mir Spiller asetzen, benotze mir d'Spiller net nëmme fir ze léieren, mee och fir de Schüler eng gutt Atmosphär ze bidden a sou och en Spaass un der Schoul ze fannen an virun allem och am Accueil Spaass un enger neier Schoul ze fanne, wou se vläicht net nëmme... wou se vläicht net vill Kolleegen nach hunn a besonnesch dann an deene klenge Gruppen duerch déi Spiller, erméiglecht dat hinnen och vill Frëndschaften direkt an deene klenge Gruppen ze fanne, well ech menge, si mussen dann zesumme spillen, ob se dat lo am Ufank wëllen oder net, mee doduercher kommen och Schüler, déi am Ufank bësse mi schei sinn, zumools beim Spillen aus sech eraus an treffen doduercher dir oder fannen doduercher déi éischt Frëndschaften an dat sinn dann oft nach ganz dacks Frëndschaften, di, di iwwer vill Joren erausgi.

Oli Frisch:
Wéi eng Altersgruppe ginn dann ugeschwat? Sinn éischter nëmmen Enseignanten aus dem C1 déi Spiller ausléinen oder ass dat mi breetgefächert?

Claudine Rosch:
Jo, also de Publikum ass vum C1 bis C4, kann ee soen. A souwisou: Cour d'accueil, do huet ee jo Kanner vum C2 bis C4. Et huet een all Sprooch. Et huet een Däitsch, et huet ee Franséisch. An der Spillschoul wier et éischter Lëtzebuergesch. Also, et kann ee all Kand erreeche mat deene Spiller. Déi, déi nei an d'Land kommen, sou wéi am Cours d'accueil eeben... Déi an der Spillschoul nei kommen a mol mussen d'Lëtzebuergesch fir d'éischt léieren... Déi, déi Schwieregkeeten hu mat der Sprooch, a se schwéier dinn, kann een duerch déi Spiller erreechen... Also ech gesinn, dass dat net fir deen een oder deen anerd just ass, et ass fir jiddereen.

Oli Frisch:
Kann duerch d'Spillen da wierklech all Kand erreecht ginn?

Claudine Rosch:
Och déi Kanner, déi manner Loscht hunn, vläicht ze léieren, déi léieren awer iwwert dem Spillen, ouni dat se iwwerhaapt mierken, dat se eppes léieren. A wann ee reegelméisseg nei Spiller bréngt, dann ass d'Motivatioun vun de Kanner ëmmer héich an et wäert ee feststellen, dass ee selwer rëm méi Freed kritt um Léieren, an d'Kanner och!

Oli Frisch:
Elo gi mer ee Stack mi héich, bei d'Sekretärin vun der CI. D'Aline Wiltzius këmmert sech ëm d'Förderpläng fir Kanner mat spezifesche Besoinen.

Aline Wiltzius:
Also an dem Kader vun der CI probéiere mer och enk mat dem LUDIK zesummenzeschaffen. Eis geet et virun allem drëm fir d'Material ze promouvéieren bei den Enseignanten an och beim Förderteam, dat heescht d'I-EBS an eis ESEB-Assistente, fir mat de Kanner mat spezifesche Besoine kënnen ze schaffen. Flott ass et, dass d'Material net nëmme fir d'Kanner mat spezifesche Besoinen ass, mee fir jiddereen ganz einfach upassbar an den Unterrecht ass. Mir sinn och amgaangen mat eiser Ekipp Diagnostik, de Moment wa mer am Kader vun der CI en "Diagnostic des besoins" ausschwätzen, si mer amgaangen ze kucken, wat sinn déi Amenagementer, also "Aménagements pédagogiques" oder Adaptatioune vum Unterrecht, di kéinte gemaach ginn, fir der Problematik vum Kand entgéintzewierken, an da probéiere mer eigentlech deen "Diagnostic des besoins" dann och sou ze presentéieren, hei bei eis um Büro zu Miersch, andeem d'Personne de référence e ganz… eng ganz Hellewull u Saachen aus dem LUDIK mat an d'Presentatioun mat abréngt, fir di Presentatioun eeben och einfa méi lieweg ze maachen, dass mer ewechkommen vun eisen Testungen, déi ganz sachlech an oft onkonkreet sinn fir den Enseignant, wou een dann net ëmmer weess "Wéi setzen ech dat lo am schoulesche Kader ëm?" Do si mer amgaangen ze probéieren, besser ze ginn an eise Retouren un d'Schoul a wären eigentlech frou, wann déi Saachen da kéinten an d'PPCien mat integréiert ginn, fir eeben och de PPCI als Förderplang fir eis EBS-Kand méi lieweg ze maachen.

Claudine Rosch:
A wann ee lo na guer keng Anung huet, wann een nach guer net su dran ass an deem spilleresche Léieren, dann ass ee ganz gär wëllkomm am LUDIK. Da kann een déi an déi Spiller ausléinen, ausprobéieren. A wat een da fir gutt empfënnt fir seng Klass oder seng Ekipp, kann ee sech dann fir d'Schoul selwer bestellen.

Oli Frisch:
Merci un di véier, dass si eis e bëssen aus hirem Alldag erzielt hunn.